adrenalin
déi jonk adr

Lëtzebuerg, den 18. November 2009

Betrëfft: *Stellungnahm vum adrenalin am Bezuch op d'Reforméierung vum Adoptiounsgesetz*

D'adrenalin freet sech iwwert de Fortgang am Dossier ëm d'Bestietnes tëscht gläichgeschlechtleche Koppelen an der Reforméierung vum Adoptiounsrecht bei eis zu Lëtzebuerg.

Duerch d'Diskussiounen, déi an de leschten Deeg opkomm sinn, souwéi duech d'Publikatioun vum Avis vun der nationaler Ethikskommissioun vum 18. November 2009, wollte mer de Justizminister François Biltgen encouragéieren, fir d'Adoptiounsrecht an d'Ouverture vum zivile Bestietnes als een Dossier unzegesinn an d'Adoptiounsrecht an deem Kader fir gläichgeschlechtlech Koppelen, d.h. *d'adoption simple* **souwéi och** *d'adoption* plénière, ganz opzemaachen. Nëmmen esou ass et méiglech, enger weiderer Diskriminéierung am Fall vun enger Ouverture vum zivile Bestietnes tëscht gläichgeschlechtlechen Koppelen aus dem Wee ze goen. Mir sinn der Meenung, datt jiddwereen d'Chance soll hunn, eng eege Famill grënnen ze kënnen.

D'adrenalin ass virun allem awer der Iwwerzeegung, datt jiddwer Kand et verdéngt huet, an engem waarmen Doheem mat vill Léift opzewuessen. Leider huet net all Kand déi Chance. En Opmaache vum Adoptiouns- a Bestietnesrecht fir gläichgeschlechtlech Koppelen wier dowéinst e wichtege Schrëtt, fir weidere Kanner dës Chance bidden ze kënnen. Wann doduerch och nëmmen ee Kand e glécklecht Doheem fënnt, ass et d'Méi wäert. Mier gesinn eis Meenung an deem Dossier och duerch den éischter positiven Avis vum *Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand*, deen de 15. Oktober 2008 veröffentlecht gouf, bestätegt.

An deem Kader ënnerstëtze mer och d'Beméiungen vun der Initiativ "*...och fir eis!*".

de Comité vum adrenalin

adrenalin
4, Rue de l'Eau,
1449 Luxembourg

www.adrenalin.lu
info@adrenalin.lu